N°4004
Luxembourg, le 29.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.04.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.**

D'Universitéit Lëtzebuerg gëtt finanziell vum Staat ënnerstëtzt, fir senger Fuerschungs- a Bildungsfunktioun gerecht ze ginn. Insgesamt solle bis 2029 ronn 2 Milliarden Euro an d'Uni souwéi d'Fuerschungsinstituter investéiert ginn. Zäitgläich rumouert et awer op der Uni an et gi Problemer bei der Gouvernance a Virwërf géint d'Féierung vun der Uni. Rezent huet elo och d'Doyenne vun der Fakultéit fir Droit, d'Économie et de Finance vun hirem Posten demissionéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi héich ass de Budget, deen all eenzel Fakultéit an all Centre interdisciplinaire zougewise kritt a wéi hunn sech dës Zuelen zënter 2022 entwéckelt (opgelëscht no Joer)?

2. Wéi hunn sech follgend Zuelen zënter 2022 entwéckelt:
   - Unzuel un ageschriwwene Studenten opgedeelt no de Fakultéiten?
   - Unzuel u Mataarbechter (ausgedréckt an Equivalent temps plein) an all Fakultéit souwéi all Centre interdisciplinaire , opgedeelt no Kategorie (z. B. administratiivt Personal, Fuerschungspersonal, Léierpersonal)?
   - Unzuel un Doktoranten (PhD) an de verschiddene Fakultéiten a Centres interdisciplinaires?
   - Unzuel u Professer-Stellen, opgedeelt no Fakultéit an no Kategorie (Associate Professor, Full Professor, ...)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés